ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 11. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un d'Madamm Banneministesch weiderzeleeden.

Am Joer 1986 gouf een Hëllefsplang ausgeschafft, deen et erlabe soll, d'Bevëlkerung am Fall vun engem Accident beim Kärkraaftwierk zu Kettenuewe schnellstméiglech ze informéieren an och séier kënnen ze hëllefen. Laut mengen Informatioune gouf dëse Plang fir d'leschte Kéier am Joer 2002 publizéiert.

Am genannten Hëllefsplang ass virgesinn, datt eenzel Leit Kaliumiodidtablette sollen anhuelen. Aus deem Grond ass virgesinn, datt an der sougenannter éischter Zone (25 Km ronderëm Kettenuewen) all Gemengen e Stock vun dëse Kaliumiodidtabletten uleeë mussen. Och all Schoulen am Land an d'Asazzentre vum Zivilschutz mussen e Stock vun deenen Tabletten uleeën.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Gëtt deen uewe genannten Hëllefsplang reegelméisseg à jour gehalen?
2. Wa jo, wéi leeft dës Prozedur genee of a wéi eng Acteure sinn all dobäi involvéiert?
3. Zenter dem Joer 2002 ass eis Bevëlkerung ëm ronn 1/3 geklommen. Wär et an deem Kontext net un der Zeit, op e Neits eng Informatiounscampagne ze starten, fir d'Leit iwwert d'Sécherheetsmesuren am Hibléck op e méiglechen nuklearen Onfall ze sensibiliséieren an ze informéieren?
4. Gëtt bei den zoustännege Verwaltungen - d.h. Schoulen, Gemengen a beim Zivilschutz - reegelméisseg kontrolléiert, datt deen néidege Stock u Kaliumiodidtabletten och effektiv ëmmer am néidegen Ëmfang virzefannen ass?
5. Ginn d'Kaliumiodidtablette reegelméisseg op d'Qualitéit an d'Haltbarkeet iwwerpréift?
6. Gëtt de Stock u Kaliumiodidtablette reegelméisseg un d'Bevëlkerungszuel ugepasst?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten